www.youngcaritas.lu | info@youngcaritas.lu

Colonies de vacances

Formations animateurs

Spillmobil

Bénévolat solidaire

Caritas Jeunes & Familles a.s.b.l.

Young Caritas

20, rue de Contern
L-5955 Itzig

Tél.: +352 36 74 68
info@youngcaritas.lu
www.youngcaritas.lu

facebook.com/youngcaritaslux

✱ Formatiounen 2019 / 2020

Animateur **Brevet A – Vakanzaktivitéiten**
Präis: 75€
Umeldungsschluss: **14/02/2020**
Plaatzen: **24**

Datum	Formatioun
29. Februar – 1. Mäerz 2020 4.–5. Abrëll 2020	Animatioun & Organisatioun vu Spiller an Aktivitéiten, Sécherheet, 1. Hëllef, Motivatioun, Moniteur als Virbild a.v.m.

Animateur: **Brevet B – Aide-Animateur**
Präis: 200€
Umeldungsschluss: **07/12/2019**
Plaatzen: **20**

Datum	Formatioun
7.–8. Dezember 2019	Animateur: Wat? Wéi? Wou?
24.–26. Januar 2020	Kolonie erliewen
1.–2. Februar 2020	Spillen an animéieren
28.–29. Mäerz 2020	Plooschteren a Bloderen (1. Hëllef)
13.–17. Abrëll 2020	Formatiounswoch 1

✱ Wou ginn d'Formatiounen ofgehalen?

Eis Formatiounen ginn all am Inland an verschiedene Chalet'en ofgehalen.

Animateur **Brevet C – Animateur**
Präis: 200€
Umeldungsschluss: **07/12/2019**
Plaatzen: **20**

Datum	Formatioun
7.–8. Dezember 2019	Kach Weekend
1.–2. Februar 2020	Theaterweekend
28 Feb. – 1. Mäerz 2020	Integratiounsweekend
13.–17. Abrëll 2020	Formatiounswoch 2

Animateur **Brevet D – Animateur Spillmobil**
Präis: 25€

Dës Formatioun gëtt et nëmmen op Ufro!

Animateur **Brevet E – Responsabel Kolonie**
Präis: 15€
Plaatzen: **12**

Datum	Formatioun
11. Juli 2020	Responsabel fir eng Kolonie

Animateur **Brevet F – Formateur**

Den Datum vun der Formation Brevet F gëtt op Ufro matgedeelt. Interesséiert? Dann ruff eis un!

Zousatzweekend Animateur **Brevet A-C**
Präis: 20€

Datum	Formatioun
16.–17. Mee 2020	Kachen a Brachen ass dat perfekt Thema fir deng Kachfähegkeeten ze erweideren an ze verfeineren. Verschidde Gerichter gestallten an op d'Hygiène an Allergien oppassen gehéiert och dozou.

✱

Umelle kanns du dech:

Online bei www.youngcaritas.lu

Tel: +352 36 74 68
formations@youngcaritas.lu

Post: B.P. 35 / L-5801 Hesperange
Um Büro: 20, rue de Contern / L-5955 Itzig
Ons Öffnungszäiten:

Dënschdes:	9h00 – 16h00
Mëttwochs:	9h00 – 16h00
Donneschdes:	13h00 – 16h00
Freides:	9h00 – 16h00

an op R-V.

Young Caritas

Formatiouns-programm 2019 / 2020

BREVET ANIMATEUR

ENTDECK DÄIN ANIMATEUR

Mat Kanner a Jugendlechen schaffen
Dech bénévol engagéieren
Spiller an Aktivitéiten entwéckelen
Verantwortung iwwerhuelen

www.youngcaritas.lu

Opbau vun der Formatioun
Animateur

Animateur **Brevet A**

Dës Formatioun ass fir Fräizäit-aktivitéiten ouni Iwwernuechtungen z.B. bei Spillnomëtteger geduecht.

Animateur **Brevet B** (Aide-Animateur)

Dëse Brevet riicht sech un all Jonker ab 16 Joer, wou sech an de Vakanzekolonien bénévol engagéiere wëllen. Hei kritt een d'Méiglechkeet de soziale Beräich kennenzeléieren, Verantwortung ze iwwerhuelen an natierlech Kanner & Jugendlechen eng flott Zäit ze erméiglechen.

Animateur **Brevet C** (Animateur)

Dëse Brevet ass d'Weiderféierung an d'Verdéiwung vum Brevet Animateur B (Aide-Animateur). Fir dëse Modul kënnen ze maache muss ee minimum 17 Joer hunn, a schonns praktesch Erfarunge gesammelt hunn.

Animateur: **Brevet D**

Den Animateur D stellt an engem bestëmmte Beräich eng Spezialisatioun duer. Bei Young Caritas ass dat den Animateur Spillmobil.

Animateur **Brevet E**

Den Animateur E, riicht sech un erfueren Animatricen an Animateure wou wëlle Responsabel vun enger Kolonie ginn.

Animateur **Brevet F**

Den Animateur F, ass fir erfueren Animatricen an Animateure wou hiert Wëssen an hier Erfarungen als Formateur wëlle weiderginn.

No ofgeschlossener Formatioun kriss du de jeeweilege Brevet vum *Ministère fir Educatioun, Kanner a Jugend* ausgestallt.

Animateur Vakanzaktivitéiten
Brevet A

Präis: 75€

Hei solls du:
- Op mannst 15 Joer hunn
- Keng Virkenntnisser néideg
- 2 Formatiounsweekender maachen
- Vakanzaktivitéiten mat gestalten

- 29. Februar – 1. März 2020 & 4.–5. Abrëll 2020

Hei kriss du eng Basisformatioun iwwert Animatioun, Betreiung a Begleedung vu Kanner. Des Formatioun ass geduecht fir d'Encadrement vu Kanner wärend Vakanzaktivitéiten. Dës sinn nëmmen Dagesaktivitéiten ouni Iwwernuechtung déi mam Brevet A duerfe gemaach ginn.

Aide-Animateur
Brevet B

Präis: 200€

Hei solls du:
- Op mannst 16 Joer hunn
- 4 Formatiounsweekender maachen
- 1 Formatiounswoch maachen (5 Deeg)
- 1 Kolonie maachen (8 Deeg)

Animateur: Wat? Wéi? Wou?
- 7.–8. Dezember 2019

Dëse Weekend kriss du en éischten Abléck iwwert Young Caritas, an en Iwwerbléck iwwert d'Kolonie Liewen an d'Animateur Flichten.

Kolonien erliewen
- 24.–26. Januar 2020

Ugebuede gëtt hei ee Programm, wéi an enger richteger Kolonie, ebe just mat Gläichaltregen. Dat geet vum Opstoen, iwwert Iessen, Spillen, Ateliere plangen, Theater, Veillée, An d'Bett goen...

Spillen an animéieren
- 1.–2. Februar 2020

En einfacht Spill an eng flott Aktivitéit ëmwandelen, dat ass net esou schwéier. Mir weisen dir, wéi et geet.

Plooschteren a Bloderen (1. Hëllef)
- 28.–29. Mäerz 2020

Richteg reagéieren ass net nëmmen an der Kolonie wichteg. Hei léiers du déi néideg Gréffer a kriss Tipps an Tricks, mat deenen's du herno richteg handele kanns.

Formatiounswoch 1
- 13.–17. Abrëll 2020

An dëser Formatiounswoch geet et drëm wéi ee grouss Spiller preparéiert, organiséiert an duerchféiert. Wéi gëtt eng Owes-Animatioun ofgehal? Wourop muss een oppassen, wann ee Gruppespiller an Aktivitéite fir Kanner oder Jugendlecher organiséiert?

Animateur
Brevet C

Präis: 200€

Hei solls du:
- Am Besëtz vum Brevet B (Aide-Animateur) sinn
- 3 Formatiounsweekender maachen
- 1 Formatiounswoch maachen (4 Deeg)
- 1 Kolonie maachen (8 Deeg)

Kach Weekend
- 7.–8. Dezember 2019

Mir kache mat Fantasie zu engem bestëmmten Thema (z.B. bloe Schlumpfenpudding mat Baart...). Verschiddenes, Menüer ausprobéieren, op Allergien an Intoleranzen oppassen, gesond a gläichzäiteg kandgerecht kachen! D'Hygiène an der Kiche soll dobäi net vergiess ginn.

Theater Weekend
- 1.–2. Februar 2020

Vum Improtheater iwwert Rollespiller a Verkleedunge gëtt et dëse Weekend sécher net langweileg. Wei kann en d'Kanner begeeschteren? Wat brauch een un Material? Wei kann en Spiller an en Theater abauen? Zu all dësen an nach anere Froe kënnt dir hei eng Äntwert kréien.

Integratiounsweekend
- 28. Februar – 1. Mäerz 2020

An Zesummenaarbecht mat engem Grupp vu Kanner a Jugendlechen déi eng Beanträchtegung hunn, gestallte mir en spannenden a léierräiche Weekend. Hei geet et drëm, sech un di verschidde Bedierfnisser kennen unzepassen an d'Aktivitéiten ofzestëmmen.

Formatiounswoch 2
- 13.–17. Abrëll 2020

An dëser Formatiounswoch gi vill verschidden Aspekter vun der Kanner- a Jugendbetreiung duerchgeholl, z.B. d'Besoine vu Kanner a Jugendlechen, Kommunikatioun, Gruppendynamik a villes méi wat engem op enger Kolonie weiderhëlleft.

Animateur Spillmobil
Brevet D

Präis: 25€

Hei solls du:
- Op mannst 18 Joer hunn
- Am Besëtz vum Brevet C sinn
- Erfahrung beim Spillmobill as vu Virdeel

- **Dës Formatioun gëtt et nëmmen op Ufro!**

Du interesséiers dech ganz staark fir Spillmobil Aarbecht? Bass prett fir mat ze plangen, ze organiséieren an Aktivitéite vum Spillmobil selwer duerchféieren? E weidere Punkt ass Upassen vu bekannte Spiller op déi ënnerschiddlech Engagementer (Maison Relais, Summerfester, Flüchtlingsbooter...) An natierlech gëtt och dëst Joer nees un engem grousse Spill gebaut fir déi nächst Saison.

Viraussetzung fir des Formatioun ass vill Erfarung am Schaffe mat Kanner an/oder Jugendlechen a prett si fir Responsabilitéit ze iwwerhuelen. Ziel ass dass Du dono Spillmobil Aktiounen eleng duerchféieren a leede kanns.

Des Formatioun riicht sech explizit un Benevollen déi Aktivitéite wëllen eegestänneg op Been setzen, plangen, organiséieren a léiere Responsabel ze ginn. Fir op engem fäerdeg geplangten Engagement an der Equipe matzeschaffen, ass dës Formatioun net néideg. Hei ka jidderee matmaachen och ouni Formatioun!

Zousatzweekend: Kachen a Brachen

Präis: 20€

- 16.–17. Mee 2020

Kachen a Brachen ass dat perfekt Thema fir deng Kachfähegkeeten ze erweideren an ze verfeineren. Verschidde Gerichter gestallten an op d'Hygiène an Allergien oppassen gehéiert och dozou.

Responsabel Kolonie
Brevet E

Präis: 15€

Hei solls de:
- Op mannst 18 Joer hunn
- Den Brevet C vum Animateur hunn
- Schon vill Kolonie - Erfahrungen gesammelt hunn

- 11. Juli 2020 zu Itzeg

D'Haaptverantwortung iwwert de Grupp an der Kolonie iwwerhuelen, den Gesamtprogramm koordinéieren, d'Moniteursequipe zesummestellen a leeden, de Budget verwalten a villes méi gëtt scho virun, wärend, an no der Kolonie vum Responsabel verlaangt.

Fir d'Formatioun vum Brevet E gëtt just eng limitéiert Unzuel vun Animateuren zougelooss, deene Young Caritas och d'Vertraue gëtt, fir eng Kolonie als Responsabel ze maachen. Dës Formatioun deelt sech an theoretesch an och praktesch Deeler op.

Formateur
Brevet F

Hei solls de:
- Op mannst 18 Joer hunn
- Den Brevet C vum Animateur hunn
- Schon vill Kolonien-Erfahrungen gesammelt hunn

Dëse Weekend gëtt vum SNJ ugebueden!

Du wëlls däi Wëssen an deng Erfarung un nei Animatricen an Animateure weiderginn ?

Fir d'Formatioun vum Brevet F gi just eng limitéiert Unzuel vun Animateuren zougelooss, deene Young Caritas och d'Vertraue gëtt, sech als Formateur ze engagéieren. Fir dëse Brevet muss du un engem offizielle Formatiounsdag matmaachen an als Co-Formateur eng Formatioun mat ausschaffen an ofhalen. De Programm gëtt fir all neie Formateur individuell zesummegestallt.